ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 03. September 2019

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madame Familljeministesch weiderzeleeden.

Laut aktueller Gesetzeslag, ass et verbueden de Famillen oder Stéit, déi hir Stroum- oder Gasrechnung net kënne bezuelen, vum Netz ze huelen.

An dësem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Madame Familljeministesch:

1.) Wéi vill Famille waren heivunner an de leschten 10 Joer betraff?
2.) Wéi deelt sech d'Akommes vun dëse betraffene Famillen, no Akommesstufen, an?
3.) Schielt sech bei dëse betraffene Famillen déi eng oder aner Kategorie eraus, oder gëtt et soss eng statistesch Zesummesetzung?
4.) Wéi gouf dëse Stéit gehollef a wat fir eng Mesurë goufen hei geholl?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742